



## Alternatiivt Léieren

Wéi kann een d'Léiere mat aldeeglechen Aktivitéiten ureegen?

### Tipps

- Kachen/baken mam Kand:

Dëst ass eng ideal Geleeënheet, Liesen ze léieren, Proportiounen ze berechnen, verschidde Konsistenze kennenzeléieren, Vokabelen ze léieren asw.

- Hëllef bei der Hausarbecht:

Den Dësch decken, d'Geschier ofraumen, d'Bett maachen, d'Zëmmer opräumen asw. Doduerch léiert Äert Kand responsabel an onofhängeg ze ginn.

- Gesellschaftsspiller spillen:

Gesellschaftsspiller sinn z.B. eng gutt Méiglechkeet sozial Reegelen ze léieren, wéi z.B. Ofwaarden, Toleranz, Ëmgang mat Frustratiounen asw.

- Loosst Äert Kand sech langweilen:

Langweil ass eng surrealistesch kreativ Kraaft. D'Kand wäert säin eegene Wee fanne fir sech ze beschäftegen a senger Kreativitéit fräie Laf loossen.

- Bausse spadséiere goen:

Passt am Moment op déi néideg Mesure vum Gesondheitsministère op! Spadséiergänger an der Natur sinn eng excellent Méiglechkeet fir beobachten ze léieren, de Wandel vun der Natur ze beobachten, nei Vokabelen ze léieren a virun allem frësch Loft ze schnapen a sech auszutoben.

- Bastelen:

Et kann een eleng mat wéinege Mëttel schéi Konschtwierker schafen. Notzt villäicht d' Geleeënheet, Recyclingproduiten ze benotzen an sou Objeten en neit Liewen anzehauchen. Dëst ass och eng gutt Geleeënheet fir d'Thema Recycling mat Ärem Kand unzeschwätzen.

- Sport maachen:

Et brauch een net vill Material, fir doheem kléng Sportübungen auszeprobéieren. Kanner missen sech beweegen, an dëst ass eng excellent Geleeënheet, fir déi motoresch Kompetenzen ze entwéckelen.

- Rollespiller:

D’Kand kann duerch dëst Spill seng Erfarungen ausdrécken a veraarbechten. Besonnesch an dësen Zäiten ass et wichteg, sech spilleresch ausdrécken ze kënnen.

- Konstruktounsspiller:

Dëst ass eng exzellent Geleeënheet, Projeten ze maachen, Aktiounen ze plangen a sech kuerzfristeg en Zil ze sëtzen, dat een erreeche kann. Sief et mat Lego, Kappla oder och mat Puzzelen oder aneren Alldagsgéigestänn, mat deenen een zum Beispill eng Hütt ka bauen.

- Mam Kand schwätzen, diskutéieren a sangen

Dëst ass eng aussergewéinlech Situatioun, déi schwéier ze verstoen ass. Et ass wichteg dem Kand d’Situatioun ze erklären an och am Allgemenge mat ëm ze schwätzen. Mir kënnen d’Geleeënheet notzen, fir nei Wierder, Kannerreimer, Lidder asw. ze léieren.



Centre pour le développement  
des apprentissages  
Grande-Duchesse Maria Teresa



[schouldoheem.lu](http://schouldoheem.lu)



Helpline  
8002 90 90